


Vun e Freideg, den 21. Mee 2021 un:
Open-Air-Fotoausstellung
zu Schieren

SCHIEREN
KulTOUR

E Bléck op Schlass Biertreng



Marc  photography
Schoentgen



Énnert dem Patronage
vun der Gemeng


Schieren

Marc Schoentgen | De Fotograf

De Marc Schoentgen, 1969 zu Lëtzebuerg gebuer, huet an de leschte Joeren Fotosausstellungen am In- an am Ausland initiéiert. D'Fotografie, seng nieweberuflech Passioun, ganz klassesch an hirer Aart, ass no um Mensch an deem, wat d'Gesellschaft verbënnt – Traditioun an d'Gefill fir d'Heemecht. Dobäi stécht besonnesch säi Bléck fir den Detail ervir.

Zu senge gréissten Open-Air Fotosausstellung gehéieren *Schengen – En europäesch Wénzerduerf a seng Awunner* (2010), *Schengen – Vins et Vues* zu Bréssel a Berlin (2012), *Fashion Moments* an der Stad Lëtzebuerg um Knuedler (2013) a *Promenade photographique* zu Munneref (2014). Zesumme mam Pierre Even huet de Marc Schoentgen 2015/2016 d'Wanderausstellung *Dynastie Lëtzebuerg-Nassau* initiéiert, déi a 25 Lëtzebuerger Gemengen, am Groussherzogleche Palais, am Schlass zu Weilburg un der Lahn an an den USA am Bundesstaat Wisconsin gewise gouf.

De Fotograf ass awer och Auteur vun de Bicher *Schengen – Ein europäisches Winzerdorf und seine Einwohner*, *Vun der Rief zum Wäin*, *Die Dynastie Luxembourg-Nassau 1890–2015* an dem kierzlech publizierte Buch *Schlass Biertreng – Eng eemoleg Lëtzebuerger Geschicht*.

De Marc Schoentgen, vun der Gemeng Weiler zum Tuerm als *Citoyen remarquable* ausgezeichnet, huet fir säi Buch iwwer d'Lëtzebuerger Dynastie, zesumme mam Pierre Even, 2016 de *Lëtzebuerger Buchpräis* kritt. Fir seng fotografesch Aarbecht huet Seng Kinneklech Altesse de Grand-Duc Henri de Marc Schoentgen zum *Chevalier am Ordre de Mérite civil et militaire d'Adolphe de Nassau* ernannt.



Marc Schoentgen | Le photographe

Marc Schoentgen, né en 1969 au Luxembourg, a réalisé ces dernières années des expositions de photos à l'échelle nationale et internationale. La photographie, sa passion qu'il exerce comme activité secondaire, très classique dans son genre, est proche des gens et de ce que relie la société – la tradition et le sentiment d'appartenance. C'est ainsi, que son sens du détail se distingue tout particulièrement.

Parmi ses plus grandes expositions de photos en plein air, il faut citer *Schengen – En europäesch Wénzerduerf a seng Awunner* (2010), *Schengen – Vins et Vues* à Bruxelles et Berlin (2012), *Fashion Moments* à Luxembourg-Ville près du Knuedler (2013) et *Promenade photographique* à Mondorf (2014). En collaboration avec Pierre Even, Marc Schoentgen a réalisé l'exposition itinérante *Dynastie Luxembourg-Nassau* en 2015/2016, qui a été présentée dans 25 communes luxembourgeoises, au Palais grand-ducal, au château de Weilbourg et aux États-Unis dans l'état du Wisconsin.

Le photographe est également l'auteur des livres *Schengen – Ein europäisches Winzerdorf und seine Einwohner*, *Vun der Rief zum Wäin*, *Die Dynastie Luxembourg-Nassau 1890–2015* et du livre *Schlass Biertreng – Eng eemoleg Lëtzebuerger Geschicht* qui a été publié récemment.

Marc Schoentgen, qui a été nommé par la commune de Weiler-la-Tour comme *citoyen remarquable*, a également reçu le *Lëtzebuerger Buchpräis* 2016 pour son livre sur la dynastie luxembourgeoise en collaboration avec Pierre Even. De plus, en raison de son travail photographique, Son Altesse Royale le Grand-Duc Henri a nommé Marc Schoentgen comme *Chevalier dans l'Ordre du Mérite Civil et Militaire d'Adolphe de Nassau*.